PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 16/06/2022

Här President,

Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un de Premierminister weiderzeleeden.

An engem Artikel vum *100,7 "Logement: IWF mécht Lëtzebuerg konkret Proposen"* vum 12. Juni 2022 gi verschidde Mesuren thematiséiert, déi den Internationale Wärungsfong Lëtzebuerg virschléit. Niewent luewende Wierder mëscht den *Country Report No. 22/152* och op verschidden Ëmstänn opmierksam, déi en als déficitaire ugesäit. Nohuelbedarf géing et a Saache Logement, am ëffentlechen Déngscht ewéi och un der Steierreform vun 2017 ginn.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Wéi eng staatlech Stellen - Ministèren, Verwaltungen, Fuerschungszentren, asw. - gi consultéiert fir esou Rapporten vun internationalen Institutiounen (IWF, OECD, etc.) auszeschaffen?

2. Wat geschitt an der Reegel mat dëse Rapporten? Gi se am Regierungsrot diskutéiert? Ginn d'Recommandatiounen un déi jeeweileg Secteuren weidergeleet? Gëtt hei fir e gewësse Suivi gesuergt?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven

Député